

Lëtzebuerg, de 27. September 2017

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,  
léif Kolleginnen a Kollege Professeren,

de Comité hofft, dass Dir all eng gutt Rentrée bis elo hat a voller neier Energie fir dat kommend Schouljoer sidd. Dëser Deeg fannt Dir an Ärer Konferenz **Kalennen** vun eis, déi Iech beim organisatoreschen Iwwerbléck ronderëm eise Beruff während dem ganze Schouljoer ënnerstëtze sollen.

Et ass iwwregens net just am Enseignement fondamental, wou et u qualifiziertem Léierpersonal feelt, wéi Dir rezent an der Press suivéiere konnt, mee och am Enseignement secondaire - egal ob « classique » oder « général » neierdénge, respektiv an der Formation professionnelle. Grad a Fächer ewéi Mathematik, Informatik a Sciencen ass d'**Pénurie u Professeren** besonnesch grouss. Längst huet eise Beruff un Attraktivitéit verluer, sief et duerch **Reformen**, déi net mat eis Haaptacteure vum Terrain vu vireran gemeinsam a verstänneg geplangt goufen, sief et duerch en immensen **administrativen an/oder organisatoresche Méiopwand a ville Beräicher**, oder awer och dee **latent Imageschued vun eisem Berufsbild** an der Gesellschaft.

Den Här Minister Meisch ass sech jo bewosst, dass eise Beruff méi attraktiv muss ginn. Mir waarden op seng konkret Proposen, well vill **Geschwätz** a wéineg Fett mécht moer Zoppen. Mir fuerderen, dass am Secondaire eis Carrièren endlech nees opgewäert ginn an den Image vum Professor nees valoriséiert gëtt. Et gëtt héich Zäit, dem schläichende Verfahren a Richtung Enseignant unique een Enn ze setzen!

Op d'Auswierkungen an d'konkret Ëmsetzung vun der **Reform am Cycle inférieur vum ESG**, déi elo jo offiziell ab 7e eréischt uleeft, si mir op allefall gespaant a verbleiwen héchst skeptesch. Mir si jiddefalls kategoresch dogéint, dass een eenzelen Titulaire op zwee offiziell ënnerschiddlech Niveaue gläichzäiteg op enger Klass enseignéiere muss. En plus fuerdere mir, dass de Méiopwand duerch déi zousätzlech Versammlungen a vill méi komplex Zensuren sech an eiser Tâche soll zréckspigelen. Och wat d'**Neigestaltung vun der 1ère an dem Ofschlossexamen** ugeet, bleibt ofzewarden, wat dat fir d'Kolleginnen an d'Kollegen um Terrain bedeite wäert.

D'Féduse insistéiert op hirer Fuerderung, all Enseignant, deen op enger **iPad**-Klass ënnerriicht, en iPad **gratis zur Verfügung** ze stellen, an all aneren Enseignanten, déi sech am Virfeld mat dem Ëmgang vun esou engem Tablet wëlle vertraut maachen, op mannst mat steierleche Vergënschtegunge massiv entgéint ze kommen. Et geet duer, dass mir eis eege Schoulbicher a Computere musse selwer bezuele – net, dass deen Dag nach kënnt, wou mir eis eege Gebaier musse baue fir d'äerfe fir de Staat, notamment de MEN ze schaffen.

Wat aner lafend Dossieren ugeet, soll laut dem CGFP - Accord salarial vum 5.12.2016

- **d'Erhéijung vun der Iessenszoulag** vun 110 op 144 Euro viraussichtlech am November endlech fixéiert ginn an dee Moment - wuel ugangs 2018 - mat retroaktivem Effekt op den 1.1.2017 ausbezuelte ginn,
- de **Punktwäert** vun eisem Salaire **ëm 1,5 %** den 1.1.2018 **klammen**
- d'**Deelzäitaarbecht** zu 40%, 50%, 60%, 70%, 75%, 80% an 90% « **à durée déterminée** » ab Ufank 2018 a Kraaft trieden.

Dernieft ass de laang erwaarten « Compte épargne-temps », fir deen d'Féduse sech zanter laangem ganz intensiv agesat huet, endlech um Instanzewe. Soubal lescht Detailer gekläert sinn, gi mir an enger nächster Newsletter op all d'Avantagen an, déi mir mat ausdauernder Gewerkschaftsaarbecht fir all d'Kolleginnen a Kollegen erkämpft hunn am Kontext vun eise vill ze dacks ongefroten Iwwerstonnen.

Vergiesst och net déi vergënschtegt **M-Kaart** fir den ëffentlechen Transport, déi säit 2017 jiddereen, dee beim Staat schafft, zum reduzéierten Tarif vun 150 Euro iwwert de Ministère vun der Fonction publique ufroe kann.

Ofschléissend wëlle mir dann och nach d'**LUXDIDAC**-Expo erënneren, eng gemeinsam Foire mam SNE-CGFP, am Forum Geesseknäppchen dëser Deeg (**26.-28.9.**) mat villsäitegen Unterrichtsmaterialien a Bicher, souwuel digital ewéi traditionell op Pabeier. D'Brochure dozou gouf Iech d'lescht Woch per Post zougeschéckt.

Mat beschte Gréiss,  
de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP